

Wa mer iwwer Gëftpilze beriichten, komme mer net dolaanscht, fir ze erwänen, datt an Europa all Joer eng Rei Leit den Dout fannen duerch Onwëssenheet oder Liichtsënn am Ëmgang mat Pilzen. Dësen Text ass net geduecht, fir de Pilzsammler dovun ofzehalen, fir seng Delikatessen ze sammelen, mee fir op déi vill Geforen opmierksam maachen. Dat Hobby soll jo Genoss a Plaz Verdross bréngen.

Wat Pilze sinn a wat fir eng Roll si an der Natur hunn, ass hei schonn an enger anerer Rubrik erkläert. Datt verschidden Aarten iessbar sinn, huet de Mënsch am Laf vun der Evolutioun duerch Probéiere geléiert. Et kann een sech virstellen, datt dës Erfarungen net ëmmer ganz reiwungslos gemaach goufen. Sou munche Bierger aus dem banale Foussvolleek, deen onfräiwëlleg zum kinnekleche Virschmaacher ernannt gouf, huet säi Privileeg mat sengem Liewe bezuelt, éier den Herrscher sech verschidden Aarte mat Genoss averleiwe konnt. Jee no der politescher Situatioun, war hien awer och net virun engem hannerháltege Gëftuschlag sécher.

Pilze kann een andeelen an iessbar, ongenéissbar a gëfteg. Während déi ongenéissbar Aarte seech scho beim Kontakt mat eise Gerochs- a Geschmacksnerve verroden, wäerten d'Gëftpilzen sech hidden, fir hir Hannerháltegkeet präiszeginn. Ganz am Géigendeel, erstrale verschiddener vun hinnen a voller Pracht a bidden sech a ganzer Gréisst un, fir hirt potentiellt Affer hannert d'Licht ze féieren. Déi éischt Fro, déi sech all Ufänger ënnert de Pilzsammler stellt, ass: „Wéi kann ech e gëftege Pilz vun engem iessbaren ënnerscheiden?“ Do stellt sech parallel dozou d'Fro: „Wéi fannen ech bei de Mënschen eraus, wem ech mäi Vertraue schenke kann, a wem ech besser net de Réck dréine sollt?“ De Mäerder ass bekanntlech net ëmmer de Gäertner, also si mer gezwongen, all Mënsch eenzel kennenzelieren, éier mer eis him uvertraue kënnen.

Fir den Ëmgang mat Pilzen zielen déi selwecht Prinzippien. Opgrund vun der Villzuel u Mierkmoler hu mer d'Méiglechkeet, all Aart eenzel kennenzelieren. Dobäi ass et wichtig, sech net nëmmen op e flott Buch mat ville faarwege Fotoen ze verlossen, mee dat Exemplar, vun deem een unhëlt, datt et iessbar ass, engem vertrauenswierdege Kenner ze weisen. Entweder bestätegt hien d'Bestëmmung mat Luef, oder hie weist op d'Mierkmoler hin, déi zu enger feelerhafter Bestëmmung gefouert hunn. Nëmme esou kann een no an no a mat vill Gedold a Bescheidenheet am Laf vun de Jore säi Wëssen Aart fir Aart erweideren.

Aus Zäite vun eise Grousseltere kenne mer nach all déi verschidde Reegelen, déi deemools ugewannt goufen, fir dat Gutt vun deem Béisen ze trennen, wéi de Klassiker mat der Zwibbel oder fir déi Bessergestallten, dem Sëlwerläffel, déi als Orakel iwwer d'Genéissbarkeet vum Paneninhalte entscheede sollten. Zum Gléck huet d'Sammelen sech am Allgemengen op déi Aarte beschränkt, bei deenen d'Kenntnisser vu Generatioun zu Generatioun iwwermettelt goufen. Doduerch huet een sech d'Orakel gespuert

Wien sech am Internet schlau maache wëll, deem ginn niese ganz korrekte Beiträg déi onméiglechst, a liewensgeféierlech Mäercher opgedëscht. Pilzen, déi vu Schleecken oder aner

Déieren ugefriess ginn, kënnen net gëfteg sinn; Pilze mat huelem Still si gëfteg, déi mat vollem Still sinn onbedenklech; Gëftpilze wuessen ni op Felder a Wisen; all Pilze sinn nom Ofkachen iessbar; Röhrlinge sinn all iessbar.

Hei ënnen drënner ass e krasst Beispill aus dem Internet, mat Rotschléi zur Vermeidung vu Pilzvergiftungen. Den Text kéint och als Opruff zum kollektiven Selbstmord ausgeluecht ginn. Dëst kënnt vun enger Gesellschaft, déi Reklamm mécht, fir eng gesond Aart a Weis fir ze liewen.

**Virbeugung beim Pilzesammelen.** *Ënner dausende Pilzarten sinn der ongeféier 20 gëfteg an nëmmen 3 dovun déidlech, all aus der Gattung vun de Wulstlingen (Grüner Knollenblätterpilz, Frühlingsknollenblätterpilz und kegelhütiger Wulstling). Am Allgemenge sollt e Pilz folgendermoossen ausgesinn: vun enger bestëmmter Gréisst, e sympatheschen Androck maachen (angeneeme Geroch, schéi Faarf, net schmiereg si beim upaken an en angenehme Geschmaach hunn. Egal wéi, sollt een, wann een sech beim Sammelen net sécher ass, en Apdikter ëm Rot froen.*

De grénge Knolli wäert houfreg sinn, datt hien am Beitrag stellvertriedend fir all genéissbar Pilzen duergestallt gëtt. Als Géigeniwwerstellung vu fransésische Mykologen: 16.000 Pilzarte bekannt, 1384 bedénge iessbar, 514 gëfteg.

Eng ierféierend Angab a verschidde Bicher, ass de Sproch, datt all Pilz e gëftegen Antagonist huet. Et ass ganz geféierlech ze gleewen, datt wann een deen ee béisen Doppelgänger gutt kenne géif, keng aner Verwiesslungsméiglechkeet méi bestoe géif. Ganz besonnesch de frotgeschrattene Ufänger kënnt a Versuchung, dee Pilz, deen hie fanne wëll, a sengem Buch erëmzeerkennen, wat him mat vill Fantasie och geléngt. Awer genau dat kann zu lwwerraschunge mat schwéiere Folge féieren

Am Allgemenge kann een dovun ausgoen, datt Vergëftungssymptomer wéi Duerchfall oder Erbriechen, déi kuerzfristeg no der Moolrecht optrieden, op eng onangeneem awer harmlos Vergëftung hindeiten, awer kee Grond zur Panik sinn.

Pilze sollt een ni réi iessen. Besonnesch Kanner si wéinst hirem gerénge Gewiicht beim Genoss vu réie Pilze staark gefäerdet. D'Gëftstoffer déi an de Pilzen enthale sinn, si bei wäitem nach net all erfuerscht. Verschidden Aarten enthalen eng komplex Mëschung enger ganz Rei vu Gëftstoffer. Et gëtt weder **déi** Pilzvergiftung, nach **dat** Géigemëttel. Am Allgemenge gi Vergëftungen an 13 verschidden Typen agedeelt, jee no der Aart vun den haaptsächleche Wirkstoffer. Bei Vergëftung sinn d'Liewer, d'Nieren, de Mo, den Daarm, d'Nervesystem oder de Kreeslaf betraff. Et kann awer och zu enger Zersetzung vun de roude Bluttkierpercher oder zu psychesche Problemer kommen.

## Vergiftungstypen

### 1. Phalloides-Syndrom. *Amanita*, *Lepiota*, *Galerina*.

Ervirgeruff duerch verschidde Knollenblätterpilzen, kleng Schirmlingsaarten an Häublingen. Een eenzeg Fruuchtkierper vum grénge Knollenblätterpilz ass fir eng erwuesse Persoun déidlech.

Latenzzeit: Typesch fir de Verlaf vun dëser Vergiftung ass déi laang Latenzzeit no der Moolzecht. Si mécht sech meeschtens eréischt no 6-12 Stonnen duerch Erbruechen an Duerchfall bemierkbar. Ginn d'Symptomer als einfach Mo-Daarmedkrankung behandelt, an net als Pilzvergiftung, kann den Zoustand sech besseren. Dramatesch ass awer, datt d'Gëft net ausgescheet gëtt, mee am Blutkreeslaf bleift an zirkuléiert. Doduerch gëtt d'Liewer bei all Duerchgang weider zerstéiert. Ab dem drëtten Dag gëtt et ëmmer schlimmer an d'Liewer ass total zerstéiert, wat de sécheren Dout bedeit, wa keng Spenderliewer zur Verfügung steet. Och bei fréizäiteger Behandlung kann et zu bleiwende Liewerschied kommen.

### 2 Gyromitrin-Syndrom. (*Gyromitra esculenta*).

D'Fréijoerslorchel oder d'Speiselorchel ass fréier op de Mäert ugebuede ginn, ëmmer mam Hiweis, si misst gutt ofgekacht ginn, oder duerch d'Drèche géif d'Gëft ebenfalls ausgescheet ginn. Nodeems am Laf vun der Zeit awer eng Rei Doudesfäll bekannt goufen, ass dës Aart haut als Gëftpilz agestuuft. Si ass an Osteuropa wäit verbreet an do fir déi meescht Vergiftungen verantwortlech. D'Latenzzeit schwankt zwëschen 6 a 24 Stonnen. D'Vergiftung mécht sech bemierkbar duerch Erbruechen, bluddegen Duerchfall a Gelbsucht, déi op eng Schiedegung vun der Liewer hindeit. Och d'Nervesystem ka geschiedegt ginn. Duerch Kreeslafzesummebroch, Liewer- an Niereversoen trëtt den Dout meeschtens den drëtten Dag an.

### 3. Orellanus-Syndrom. (*Cortinarius orellanus*, Orangefuchsiger Hautkopf).

D'Gattung vun de Schleierlingen ëmfaasst ongeféier 2000 Aarten, déi bis op e puer iessbar Ausnamen all als gifteg ze betruechte sinn. Den orangefuchsiger Hautkopf huet fréier zu den iessbaren Pilze gezielt. Eréischt wéi 1952 a Polen 135 Persounen no enger Moolzecht erkrankt sinn, an 19 dovun gestuerwe sinn, war een sech der Geféierlechkeet vun dëser Aart bewusst. An der Regel kënnegt sech eng Vergiftung eréischt no enger Rei Deeg un. Et kann awer och bis zu 3 Wochen daueren, éier sech Niereproblemer bemierkbar maachen. Wéinst der laanger Latenzzeit gëtt d'Erkrankung dann nëmmen nach siele mat der Pilzmoolzecht a Verbindung bruecht. Wien d'Vergiftung iwuerlieft, dréit awer en dauerhaften Niereschied dovun an ass doduerch oft op Dialyse ugewisen. Dës Pilz kënnt an Osteuropa heefeg vir.

#### 4. Gastrointestinal Pilzintoxikatioun.

Ënner dësem Begrëff sinn eng Rei bekannt Pilzarten zesummegefaasst, déi alleguer réi a gekacht gëfteg sinn, an déi zu Mo- an Daarmprobleemer féieren, wann een se ësst. Bei verschidden Aarte kënnen zousätzlech Benommenheet a Rauschzoustänn optrieden. D'Latenzzeit ass meeschtens kuerz an d'Vergëftung relativ harmlos, och wann se fir de Betreffenen onangeneem ass. Hei eng kleng Auswal vun deene bekanntsten Aarten:

Falscher Pfifferling (*Hygrophoropsis aurantiaca*)

Giftschirmling (*Chlorophyllum brunneum*)

Kahler Krempling (*Paxillus involutus*)

Karbol-Egerling (*Agaricus xanthoderma*)

Kartoffelbovisten (*Scleroderma*) alle gëfteg

Milchlinge mat wäisser Mëllech (*Lactarius* spp.)

Nebelkappe (*Clitocybe nebularis*), d'Gëftegkeet vun dësem Massepilz ass ëmstridden, e steet och nom Ofkachen téschen gutt a Béiss.

Ölbaumtrichterling (*Omphalotus olearius*)

Rettich-Helmling (*Mycena pura*)

Riesen-Rötling (*Entoloma sinuatum*)

Satans-Röhrling (*Rubroboletus satanas*)

Täublinge mat schaarfem Geschmaach (*Russula* spp.)

Tiger-Ritterling (*Tricholoma pardinum*)

Dobäi komme Pilzen aus verschiddene Gattungen, an deenen och iessbar Aarte vertruete sinn. Esou z.B.: Fälblinge, Korallen, Ritterlinge, Rötlinge, Rübblinge, Saftlinge, Schleierlinge, Schwefelköpfe.

#### 5. Pilzindigestiounen.

Et handelt sech ëm Erkrankungen, déi net duerch Pilzgëfter, mee duerch verschidde besonnesch Ëmstänn zustane kommen. Pilze si schwéier ze verdauen, dofir sollten si net a grouse Quantitéite giess ginn. Hir Verträglechkeet ass individuell. Eng Roll spillen dobäi d'Aart vun der Zoubereedung an d'Zesummesetzung vun der ganzer Moolzecht souwéi de räichlechen Alkoholgenoss. Pilzmoolzechte sollten zäitlech net ze no openeen erfollegen. Verschidde gëfteg Aarten, wéi z.B. den Hallimasch oder d'Nebelkappe ginn eréischt duerch Ofkache bedéngt genéissbar. D'Kachwaasser däerf net benotzt ginn. Verschidden Auteure bezeichnen d'Nebelkappe als iessbar, während anerer se als gëfteg ugesinn. Den Toxikologe Dr. Sigmar Berndt dréckt sech esou aus bei verschiddenen Arten: „Liste der unterschiedlich beurteilten Speisepilze.“ D'Gëftegkeet ass op de Stoff Nebularin zeréckzuféieren, dee genverännerent wierke soll, an am Verdacht steet, Kriibs auszeléisen. Duerch schlecht gelagert oder verduerwe Pilzen, könne Krankheetssymptomer a Form vun enger allgemenger Liewensmëttelvergiftung optrieden, déi net als Pilzvergiftung ze betuechten ass.

## **6. Muscarin-Syndrom. (Inocybe, Clitocybe)**

Et kann een dovun ausgoen, datt all Risspilz an all wäiss Trichterlinge gëfteg sinn, och wann se nach net all op hiren Toxin-Gehalt iwverprüéft goufen. D'Latenzzäit schwankt jee no Aart, vu Minute bis zu zwou Stonnen. D'Symptomer si Schweessausbréch a Briechduerchfäll. Schwéier Vergëftunge kënnen zu Häerzversoe féieren.

## **7 Pantherina-Syndrom. Pantherpilz (*Amanita pantherina*), Fliegenpilz (*Amanita muscaria*).**

De Méckepräbbeli léiere Kanner scho fréi kennen. E gëtt als de Pilz schlechthin an all Märchebuch duergestallt. De Pilz ass e gutt Beispill dofir, wéi äusserlech Schéinheet vun der bannenzeger Verduerwenheet oflenke kann.

De Méckepräbbeli an de Pantherpilz sinn Drogepilzen. Nom Genoss kënnt et zu psychesche Stéierung mat Schwindel, Rauschzoustand, Bewegungsdrang, Erreegung oder Wutausbréch, Sënnesstéierungen an d'Héiere vu Stëmmen. Bei allgemeng geschwächte Mënsche kann d'Vergëftung duerch Otemstëllstand a Kreeslafversoen déidlech verlafen. D'Quantitéit vum Wierkstoff ass vu ville Bedéngungen ofhängeg, an ënnerläit dowéinst och gréissere Schwankungen. Am Géigesaz zu anere Pilzvergëftungen, féiert d'Pantherina-Syndrom net zu Briechduerchfall, esou datt an dësem Fall versicht ginn däerf, fir dës ze provoziéieren.

Bei de Schamanen a Sibirien ass de Méckepräbbeli haut nach wäit verbreet. Si iessen de gedréchente Pilz, fir an eng Aart Trance mat hellseeëresch Fäegkeeten ze verfallen oder fir mat Geeschter ze kommunizéieren.

## **8. Psilocybin-Syndrom. Vergëftungen duerch Drogepilzen.**

Pilzen, déi dëst Vergëftungssyndrom ausléisen, sinn iwver verschidde Gattunge verdeelt: Düngerlinge, Kahlköpfe, Risspilze, Samthäubchen, Träuschlinge.

Si bilden am Prinzip kleng, onscheinbar Fruuchtkierper, déi nëmme vu Kenner fir den Drogekonsum gesammelt ginn. Och wann d'Wierkstoff verschidde sinn, sou ass de Verlaf vun der selwer gewielte Vergëftung mat klengen Ënnerscheeder änlech wéi beim Méckepräbbeli a beim Pantherpilz. D'Wierkstoff Psilocybin a Psilocin stinn dem LSD no, an d'Wierkung ass änlech. Et gëllt, entweder ganz drop ze verzichten, oder sech bewusst ze sinn, datt de Gëftgehalt staarke Schwankungen ënnerläit, an den Trip u sech enger Lotterie gläichkënn.

## **9. Paxillus-Syndrom. Kahler Krempling (*Paxillus involutus*), Butterpilz (*Suillus luteus*).**

Béid Pilzen hu fréier zu de Maartpilze gezielt. Si kënnen iwver Jore probleemlos giess ginn. Et si keng Gëftpilzen, awer si enthalen eng bestëmmt Substanz, op déi de Kierper en Antigen bilt. D'Bildung vun dësem Antigen widderhëlt sech bei all Moolzecht a gëtt gespäichert. Individuell verschidden, kann et enges Daags als Reaktioun zu engem Zerfall vun de roude Bluttkierpercher kommen. Typesch Symptomer, déi ¼ - 2 Stonnen no der Moolzecht optrieden, si Briechduerchfäll, Blutt am Urin, Gelbsucht an Niereversoen. Eng Rei Doudesfäll si bekannt. Et heescht also virsiichteg bleiwen, wann iergendeen op Pilzexkursiounen dës zwou Aarten als iessbar duerstellt, well se reegelméisseg bei him um Teller landen.

## **10. Coprinus-Syndrom. Antabus-Reaktioun bei verschiddene Pilzarten duerch gläichzäitigen Alkoholgenoss.**

Antabus ass eng Substanz, déi fréier als haart Therapie bei der Entwinnung vun Alkohol agesat ginn ass. De Patienten hunn d'Medikament kritt, an haten dobäi d'Méiglechkeet fir Alkohol ze drénken, mat den doraus resultéierenden onangeneeme Folgen. Wann ee Faltentintlinge, Keulenfüßige Trichterlinge oder netzstielige Hexenröhrlinge, bei gläichzäitegem Alkoholgenoss an de 24 Stonne virun oder no der Moolzecht giess huet, kann et zu enger hefteger an onangeneemer Kreeslafreaktioun kommen. Schold do drun ass d'Substanz Coprin, déi ähnlech ewéi den Antabus den Ofbau vum Alkohol blockéiert. Schonn no Minutte bis hin zu e puer Deeg, trieden Hëtztgefiller, e rout Gesiicht, Otemnout an Häerzklappen op. Et ass e Fall bekannt, bei deem d'Reaktioun nach no 50 Stonnen nom lesse vu Faltentintlingen opgetrueden ass. Zu enger manner schwéierer Reaktioun kann ënner de selwechte Bedingungen och de Genoss vu Kaffi féieren.

## **11. Pilzallergie an ugebueren Intoleranz.**

Eng **Intoleranz** géigeniwver dem Pilzeewäiss ass ugebuer. Eng **Allergie** dogéint, kann sech am Laf vun de Joren zu engem bestëmmt Zäitpunkt astellen, wann de Kierper genuch Pilzantigenen opgebaut huet, och wann ee virdu problemlos Pilze verdroen huet. Si äussert sech ouni Virwarnung Minuttem bis Stonnen no enger Moolzecht duerch Briechduerchfäll. Och wann all aner Matéisser d'Moolzecht onbeschued iwverstanen hunn, sollt awer séchergestallt ginn, datt kee Gëftpilz iwwersi gouf. Esou eng Allergie ass beim éischten Optrieden ëmmer mat groussen Ängschte verbonnen. En erfuerene Beroder kann hei fir Opklärung suergen. Well d'Allergie net méi réckgängig ze maachen ass, muss de Betraffenen sech drop astellen, all d'Liewesmëttel ze meiden, an deene Pilze verschafft goufen.

## **12. Agebilte Pilzvergëftung.**

Dës Vergëftungssymptomer gi vun der Psyche ausgeléist. Eng Differenzialdiagnos zu der echter Pilzvergëftung ass immens schwierig. D'Patiente sinn der Meenung, datt si gëfteg Pilze

giess hätten. Entweder well si nodréiglech Zweiwel un de Kenntnisser vun der Persoun hunn, déi hinnen d’Pilzen ugebueden huet, oder well sech een e Spaass mat hinnen erlaabt huet. Et kënnt zu Angschtgefiller, Häerzklappen an zu gastrointestinale Reaktiounen, wéi bei enger richteger Vergëftung. Well eng Ënnerscheidung fir de Rettungsdéngscht net méiglech ass, mussen dës Patienten als “vergëft” therapéiert ginn. Duerch dës schlecht Erfahrung wäerten si wuel de Krees vun de Pilzliibhaber verloossen.

### **13. Pilzziichter-Long.**

Mënschen, déi am Beräich vun der Pilzzucht schaffen, sinn andauernd eng grousser Quantitéit Pilzsporen ausgesat, wouduerch et duerch d’Anootmen zu Allergie komme kann. Och doheem bei der Hobbyzucht an engem zouene Raum ass esou eng Allergie méiglech, ausser beim Champignon, well dës scho gepléckt gëtt, éier d’Sporen zeideg sinn.

### **Nei Gëftpilzaarten.**

Et sinn nach laang net all Pilzaarten op hire Gëftgehalt hin ënnersicht ginn. Et gëtt vun Zäit zu Zäit iwwe Vergëftungsfäll bericht, duerch Aarten, déi bis zu deem Zäitpunkt als iessbar gegollt hunn an déi problemlos giess gi sinn. E Beispill dofir ass *Tricholoma equestre*, de Grünling, deen a Frankräich e geschätzte Maartpilz war. No enger Rei vu Vergëftungen huet sech erausgestallt, datt dës doduerch ausgeléist goufen, well heefeg grouss Quantitéiten an engem relativ klengen Zäitraum giess gi sinn. Et sinn dräi Doudesfäll bekannt duerch Rhabdomyolyse, wat den Zerfall vum Muskelgewebe ass. Säit 2003 befënnt de Grünling sech op der Lëscht vun de Gëftpilzen. Et kann een dovun ausgoen, datt och nach aner Pilzen sech onangeneem bemierkbar maache wäerten, wa verschidde Bedingungen zesammentreffen.

Et ass wuel ubruecht, fir op dëser Plaz nach eng Kéier drop hinzewiesen, fir op ze üppege Pilzgenoss ze verzichten, an op genuch zwëschent den eenzele Moolzechten opzepassen.

**Remerciement:** E grouse Merci un den Toxikologe Dr. Sigmar Berndt fir e puer wertvoll Hiweiser.

**Literaturangabe :** Dr. Berndt S., 2012. Zeitschrift für Mykologie, 2012. 78/1 : S. 20.

Flammer R. & E. Horak, 1983. Giftpilze - Pilzgifte. Erkennung und Behandlung von Pilzvergiftungen. Kosmos, Stuttgart, 128 pp.

Pailhès, M., Garnier-Delcourt, M. & Ch. Reckinger, 2015. Sur les traces des champignons comestibles et toxiques du Luxembourg, 3<sup>e</sup> éd. Administration de la nature et des forêts, Luxembourg, 182 pp.